

De Fieldgen, d’Fondation Follereau an déi nohalteg Entwécklungsziler: eng gutt Kombinatioun!

Déi nächst Semaine Follereau vum Fieldgen, an Zesummenaarbecht mat der Fondation Follereau, steet am Zeechen vun der **Gesondheet an dem Wuelbefannen**; Eent vun den Nohaltegen Entwécklungsziler vun den Vereenten Natiounen, a ganz konkret vun der Gesondheet vun de Mammen a Kanner a Mali. Si fënnt statt vum 31. bis den 11. Februar 2017.

Déi nohalteg Entwécklungsziler (Sustainable Development Goals, kuerz SDGs) goufen 2015 vun der Gemeinschaft vun den Vereenten Natiounen (dat sinn 193 Länner) als nei global Agenda festgeluecht. 17 Ziler sollen bis 2030 vun alle Länner verfolge ginn an sou eng besser a méi gerecht Welt – am sozialen, ekonomeschen an ökologeschen Sënn – erméiglechen. Fir dës Ziler ze arechen, ass jiddwereen vun eis gefuerdert: déi global Gemeinschaft, déi eenzel Länner, d’Politik, d’Wirtschaft, d’Reliounsgemeinschaften, d’Zivilgesellschaft (wéi d’Fondation Follereau), an all eenzel Persoun.

Zil 3: Gutt Gesondheet a Wuelbefannen

Dat drëtt Zil vun den nohaltegen Entwécklungsziler vun den Vereenten Natiounen gesäit ënner anerem vir, dass bis 2030 d’Mammenstierflechkeet op ënner 70 Fraen op 100 000 Gebuerten reduzéiert gëtt. Dozou gehéiert net nëmme d’Konstruktioun vu neien



Gesondheitszentren an d’Ausbildung vu medezineschem Personal, mee och den Zougang zu Servicer, déi Sensibiliséierungen zu Hygiène, Gesondheet, sexueller Opklärung a Familljeplanung ubidden. Ausserdeem sollen bis 2030 keng Puppelcher a keng Kanner méi un Ursaachen stierwen, déi duerch eng medezinesch Grondversuergung hätten kënnen verhënnert ginn.

D’Fondation Follereau mécht hiert Bescht fir sech un der Ëmsetzung vun deenen Ziler ze bedeelegen.



D’Gesondheet vun de Mammen an hire Kanner a Mali verbessern – De Projet PROSMIK vun der Fondation Follereau

All Dag stierwen 830 Fraen während der Schwangerschaft oder bei der Gebuert vun hirem Puppelchen. Den gréissten Deel dovun an Afrika. 90% vun deenen Doudesfäll wäeren vermeidbar.

Während 100% vun den Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger Zougang zu enger grondsätzlecher medezinescher Versuergung hunn, sinn et a Mali just 21,6% vun der Bevëlkerung. An deenen ländlechen Géigenden sinn et souguer just nach 14,3 %. Dobäi leeft den gréissten Deel vun der

malescher Bevëlkerung (73%) um Land. Dofir riicht sech den Projet PROSMIK vun der Fondation Follereau virun allem un déi verletzlechst an isoléiertst Bevëlkerungsgruppen: Fraen a Kanner a ländlechen Géigenden.



Op der Plaz schafft d'Fondation Follereau zesummen mat hirer Partnerorganisatioun COFESFA, fir secher ze goen, dass d'Hëllef och wierklech do ukënnt, wou se am meeschten gebraucht gëtt. Vum Projet PROSMIK profitéieren d'Awunner/innen vun 30 Dierfer an der Regioun Kati a Mali. De Projet besteet aus folgenden Beräicher:

- Mat Sensibiliséierungen gëtt d'Bevëlkerung informéiert iwwert sexuell iwwerdrobar Krankheeten, iwwert Hygiène, iwwert déi néideg medezinesch Betreuung vu schwangere Fraen virun, während a no der Gebuert, esou wéi iwwert d'Ernährung vun de Kanner, fir Mangelernährung ze verhënneren.

Duerch Weiderbildungen ginn Multiplikatorinnen a Multiplikatoren ausgebild, déi hiert Wëssen an hiren Associatiounen, Familljen a Gemeinschaften kënnen weiderginn.

Ausserdeem gëtt medezinescht Personal forméiert a weidergebild.

- De Bau an d'Renovatioun vu sanitären Infrastrukturen an hier Versuergung mat Waasser, Medikamenter, Elektrizitéit, medezineschem- a Büromaterial garantéiert den Zougang zu grondsätzlecher medezinescher Betreuung vun der Bevëlkerung.

Fir den Zougang zu propperem Drénkwaasser ze garantéieren an doduerch och d'Hygiène ze verbessern, ginn Pëtzen gebaut.

2017 ginn zwou nei Maternitéen gebaut.

Während der **Semaine Follereau** wäerten mir eis intensiv mat dësen Themen ausernee setzen.

Eng **Ausstellung** informéiert all d'Schülerinnen a Proffen aus dem Gebai iwwert d'Bedeitung vun deenen Nohaltegen Entwécklungsziler a wéi een selwer kann Deel vun där globaler Bewegung ginn. Ausserdeem gëtt den Projet vun der Fondation Follereau am Mali virgestallt, den d'Gesondheet vun de Mammen an hire Kanner wëll verbessern.



Doriwwer eraus huelen 20 Klassen un enger **Konferenz** Deel, wou d'Bedeitung vun den Nohaltegen Entwécklungsziler fir Lëtzebuerg verdäitlecht gëtt a wou Fraen aus dem Mali selwer zu Wuert kommen, fir doriwwer ze schwätzen, wat et bedeit a Mali um Land schwanger ze sinn an e Kand ze kréien, a wéi eng Hëllef an Ënnerstëtzung gebraucht gëtt.

*Den 3., 4., 10. an 11. Februar 2017 fënnt dann den traditionellen **Spektakel** vun den Schülerinnen vum Fieldgen statt. Lass geet et um 20:00 Auer, den Entrés kascht 15€. Den Erléis vun deenen Owender geet un d'Fondation Follereau, fir d'Ënnerstëtzung vun hirem Projet PROSMIK, fir d'Verbesserung vun der Gesondheet vun de Fraen a Kanner a Mali. De Spektakel ass dëst Joer d'Virféierung vum Mäerchen „Parfois, il est une fois...“ a beinhalt Tanz-, Musical- an Theaterelementer. Dir kënn Plazen reservéieren iwwer Telefon: 49 94 31 1 oder per E-Mail: diane.wagner@epf.lu*